



**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,  
op d'parlamentaresch Fro N° 5599 vum 27. Januar 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup iwwer  
d'Erhale vum Gebuertshaus vum Aloyse Kayser**

1. *Hunn den Här Minister an d'Madamm Minister, respektiv déi staatlech Administratioun, Kontakt mat de Gemengeverantwortlechen vu Miersch gehat iwwer de Sujet vum Ofrappe vum fréiere Barrièreshaus?*

Den 2. Juni 2021 huet zu Miersch eng Versammlung stattfonnt tëschent de Verrieder vun der CFL an de Gemengeverantwortleche vu Miersch, wou sech zu deem Sujet berode ginn ass.

2. *Ass dozou een Accord vun der Gemeng Miersch ugefrot ginn? Wa jo, gëtt et dozou een Accord vun der Gemeng Miersch? Wann net: Op Basis vu wéi enge Fakten erklären d'Madamm Ministesch an den Här Minister an hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°5293, dass d'Ofrappen "am Accord mat der Gemengeverwaltung vu Miersch" géif geschéien?*

Den 21. Januar 2022 huet d'CFL eng Geneemegung op der Gemeng ugefrot fir d'Barriärshaischen ofzerappen. Den 1. Februar 2022 krut d'CFL der Gemeng hire Refus matgedeelt.

An hirer Äntwert präziséiert d'Gemeng, datt d'CFL d'Grënn fir dës Demolitiounsufro net am Detail erkläert huet. Et bleift also méiglech, d'Verhandlung weiderzeféieren andeems d'Sécherheetsproblemer opgewise ginn, déi dëst Gebai duerch d'Proximitéit zu den Eisebunnsinstallatiounen duerstellt.

3. *Fir de Fall, wou d'Gemeng sech géint d'Ofrappe wiert an et keen Accord gëtt: Wéi wäerten déi zoustänneg Ministeren da virgoen, wat d'Zukunft vum Barrièreshaus betrëfft?*

De Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte bleift a Kontakt mat der CFL, der Gemeng Miersch, souwéi dem Kulturministère a sengem Service des Sites et des Monuments Nationaux, fir zesummen eng Léisung ze fannen, sou datt d'Entwécklung vun der Eisebunn garantéiert bleift.

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch